
* 25.01.1926 zu Stroossen
do gewunnt bei séngen Elteren
am Café BOUR, 54, Areler Strooss


| | | |
|---|---|---|
| R.A.D. | 13.07.1944 - 25.09.1944 | R.A.D. Abt. 1/33 PINNE Kreis SAMTER (6) WARTHELAND (Polen) |
| | 26.09.1944 - 03.11.1944 | zu GRÖCHENWALD bei LESLAU haut WLOCLAWEK un der Weichsel fir Schanzaarbechten d.h. Schützegrief a Geschützstellungen auszehiewen. |
| | 05.11.1944 - 15.11.1944 | zu PINNE haut PNIEWY am R.A.D.-Lager |
| W.H. | 15.11.1944 | zu BERLIN-SPANDAU an der Seeckt-Kasär. Hei waren d'Lëtzebuerger an den Holzbaraaken ënnerbruecht a bei Fliegeralarm stoung kee Luftschutzbunker, mä nëmme „Splittergräben“ zur Verfügung. „Wéi e Wonner as ni eng Bomm an dës Kasär gefall. Mir hun zu zwee Klassekomeroden, den Arthur an ech (R. Gallion) an enger Stuff gehaust a géint d'Wanzen an d'Lais gekämpft. Zu gudder lescht hu mer d'Better an d'Stréisäck am Kasärenhaff verbrannt. An der Nuet vum 22. op den 23. Januar 45 hu mir zwéin eis fir d'lescht gesin. Zur Strof gouf ech éischter un d'Front geschéckt an zum Arthur, deen e mëllt Häerz hat, sot ech: Kräisch nët, wanns de heem kënns, sees de menger Mamm wéi et gaangen as an da wäert d'Fra schon zefridde sin.“ |
| | 12.03.1945 | „Den éischten Dag un der Front war och säi leschten. En as tëschent GOTENHAFEN an DANZIG duurch e Pak-Volltreffer ëm d'Liewe kom. Dat huet de Jos. Dupont vu Bech mir an der russescher Gefaangeschaft matgedeelt.“ |

Séng Elteren:

| | |
|---|---|
| BOUR Michel | * 22.01.1893 zu Stroossen<br>† 28.05.1960 |
| MAJERUS Anne | * 04.03.1892 zu Stroossen<br>† 03.04.1959 |




Postkarte
R.A.D.-ABT. 1/.. Pinne Kreis Samter (6) Wartheland
Schöne Grüße an alle sendet Euch Arthur
An Fam. Gallion Strassen Enstrasse (Lux) (22)


Pinne, den 30. Juli 44.
Eben habe ich Euer ... heute mittag nach dem Mittagessen erhalten ...